LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Monsieur le Ministre de l'Énergie, Claude Turmes, à la question parlementaire n°8239 du 18 août 2023 de Monsieur le Député Gilles Roth au sujet de l'augmentation du prix de vente des carburants**

1) De Präis vum Diesel a vum Bensinn (SP95) setzt sech aus folgende Komponenten zesummen: Basispräis (Produkt- an Distributiounskäschten), Accisen an TVA.

Den Undeel vun de jeeweilege Komponenten um Maximalpräis vum Diesel war Ufank Mee a Mëtt September folgenden:

| | **Diesel** | |
|---|---|---|
| €/l | **01.05.23** | **15.09.23** |
| Basispräis* | 0,77 | 1,04 |
| Accisen* | 0,43 | 0,43 |
| TVA* | 16% | 16% |

* opgeronnte Wäerter

Den Undeel vun de jeeweilege Komponenten um Maximalpräis vum Bensinn (SP95) war Ufank Mee a Mëtt September folgenden:

| | **SP 95** | |
|---|---|---|
| €/l | 01.05.23 | 15.09.23 |
| Basispräis* | 0,81 | 0,91 |
| Accisen* | 0,54 | 0,54 |
| TVA* | 16% | 16% |

* opgeronnte Wäerter

An deem Kontext sollt een och drun erënneren dass den normalen TVA Taux am Kontext vun der Tripartite vu 17% op 16% erof gesat ginn ass.

2) De Präis vum Bensinn a vum Diesel gëtt haaptsächlech duerch d'Präisser vum Réiueleg op de Weltmäert (z.B. vum Brent), mee och vum Wiesselcours vum Dollar/Euro a vun der Situatioun um Maart vun den Endprodukter (Raffineriesmargen, Niveau vun de Stocken an der Regioun, Produktiounskapazitéiten…) bestëmmt.

De Präis vum Brent ass tëschent Juni a Mëtt September 2023 ëm bal 20 US Dollar de Barrel geklommen. Dës Hausse vum Brent ass op eng héich Demande, gestäerkt vum Tourismus am Summer, an eng kënschtlech Reduktioun vun der Offer, duerch Produktiounskierzunge vun der OPEC+, haaptsächlech op Initiative vu Saudiarabien a Russland, zeréckzeféieren.

3) Den Impakt op d'Inflatioun hänkt generell esouwuel vun der Evolutioun vun de Präisser of wéi och vun der Gewiichtung vun de jeeweilege Kategorien am Indice des prix à la consommation national (IPCN). Des Gewiichtung gëtt all Joer iwwert e groussherzoglecht Reglement festgeluecht. Fir 2023 huet den Diesel eng Gewiichtung vun 1.5%, an de Bensinn vun 1.4% am IPCN.

Den Diesel ass am Mount August 10.0% méi héich wéi am Juli, beim Bensinn ass et eng Hausse vu 6.2%. Trotz dëser rezenter Hausse, war de Präis vum Diesel am August 2022 8.6% méi héich wéi am August 2023. Beim Bensinn ass e minimalen Ënnerscheed vun 0.1%.

Déi monatlech Evolutioun vun der Inflatioun tëschent Juli an August 2023 läit bei 1.45%. Dës staark monatlech Progressioun erkläert sech, dem Statec no, duerch de Retour no de Summersolden. Kleeder a Schong contribuéieren esou zu 0.69 Prozentpunkten zu dëser Entwécklung, den Diesel zu 0.13 Prozentpunkten an de Bensinn zu 0.09 Prozentpunkten.

4) Mat den offizielle Resultater vum Mount August war de Seuil fir déi nächst Indextranche erreecht, sou dass déi nei Indextranche zanter dem 1. September 2023 a Kraaft ass. Alleguer d'Léin, Paien a Pensioune gi vun deem Datum un ëm 2.5% erhéicht.

5) Well d'Salairen am ëffentlechen Déngscht virausbezuelt ginn, ass den Traitement vu September iwwerwise ginn zu engem Zäitpunkt wou déi offiziell Resultater vum IPCN nach net bekannt waren. Beim Traitement fir Oktober gëtt d'Indextranche vum September 2023 also eng éischte Kéier berécksiichtegt, an et gëtt e Recalcul fir de Mount September gemaach.

Luxembourg, le 19/10/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot